

finanzéieren, wéi mer dat an der Vergaangenheet konnte maachen. An dofir ass dat heiten e ganz wichtige Projet, dee ganz akademesch klénkt, dee ganz komplizéiert klénkt, wou ee mengt, dat dote wier nëmmen eppes fir d'Finanzexperten, fir déi, déi sech fir d'Finanzmëttel interesséieren. Nee, dat heiten ass eppes, wat d'Liewe vun deenen 2 Milliarde Mënschen, déi haut nach am globale Süden an ënnert der globaler Aarmutsgrenz liewen, ganz konkret wäert beaflossen.

An dofir ass et och mat ganz vill Houfert, wou ech kann haut den Accord vun de Piraten fir dëse Projet ginn. Villmools merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir wäerten eis enthalen bei dësem Projet, wéi mer dat esou oft maachen. Heiansdo si mer, mengen ech, an der Vergaangenheet souguer méi wäit gaangen a mir hunn dergéint gestëmmt. Déi Haltung wëlle mer awer e bëssen änneren, well an der Tëschenzäit trotzdeem Progrès geschitt sinn. Mee an eisen Ae muss een dat weiderhin e bësse méi kritisches gesinn.

Ech erkläre mech: Wann ee wierklech 20 Joer zeréck kucke geet oder souguer 15 Joer zeréck kucke geet, sinn oft awer och déi Suen, déi geléint goufen, gekoppelt gewiescht un Ëmstrukturierungsprogrammer, déi u sech méi Leed verursaacht hunn, wéi Guddes gedoen hunn, datt deemdo wéi Service-publicke misste liberaliséiert ginn oder aner sozial Rechter vläicht ageschränkt ginn oder datt zum Beispill gesot gouf: „Op deem Land, amplat“, wat weess ech, „Gromperen ze zichten, musst der Maniok zichten, well der domadder méi Rendement kënn kréien“, et cetera, et cetera.

Dat si Praktiken, déi awer an der Tëschenzäit net méi esou gemaach ginn, well och vill Drock gemaach gouf. Allerdéngs bestinn nach immens vill Problemer. Do brauch een och just eng Partie Rapporten ze liesen vun internationale Gewerkschaften, déi nach ëmmer ganz grav Mankementer uprangeren. Projeten, déi finanzéiert gi vun der Asian Development Bank a wou ee ka kucke goen, sief et am Sri Lanka, a gewësse Staaten, an Indien, am Nepal, op anere Plazen, datt do Aarbechter ganz staark drangsaléiert ginn, hir gewerkschaftlech Rechter ageschränkt ginn op eng heiansdo ganz brutal Aart a Weis. An dat sinn eeben och Projeten, déi do finanzéiert gi vun dëser Bank. Datt heescht, d'Kritik ass déi, ze soen, datt de Suivi net seriö gemaach gëtt. Am Myanmar geet et vill méi wäit souguer, well do Sue ganz einfach detournéiert gi vun der Junta a Leit wierklech verfollegt ginn.

Dat heescht, mir verstén schon, datt Staaten, déi keen Triple-A hunn, déi zum Beispill Schwiereregkeeten hätten, iwwer aner Weeër, iwwer méi normal Weeër, Präten ze kréien op de Finanzmarchéen, sech do kënnen finanzéieren. Mir wëllen eis deem net an de Wee stellen, mee eis Enthaltung ass u sech awer, fir dorun ze participéieren, fir ze soen: „Hei, och eis Regierung muss vläicht op aneren Niveaue, wa Verhandlungen sinn, dorobber opmierksam maachen, datt weiderhin e ganz groussen Handlungsbedarf besteet.“

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Et wär elo un der Regierung ze schwätzen. Den Här Finanzminister huet d'Wuert. 10 Minutten hätt Der, Dir musst se awer net huelen.

(Hilarité et interruptions)

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ech hunn de Message verstan, Här President. Ech loosse mer awer trotzdeem dann d'Wuert ginn, fir kënnen dozou ze schwätzen. Well dat hei ass net en technesche Projet, mee et ass e politesche Projet. An ech si frou, Här President, dass vun deene 60 Leit, déi heibannen d'Lëtzebuurger Vollek vertrieeden, der 58 Jo zu dem Multilateralismus soen. Dat ass eng politesch Entscheidung. An ech mengen, duerfir sief et och der Regierung zougestanen, dass se e bësse méi wéi eng Minutt doriwwer schwätzt.

Et ass e Projet, deen ënnersträicht, dass eist Land zënter 1945 eigentlech un all gréisserer multilateraler Bank deelgeholl huet, mat Ausnam vun enger, dat ass déi multilateral Bank a Südamerika. An d'Gesprécher, ech soen Iech dat nach eng Kéier, déi sinn amgaangen, fir dass Lëtzebuerg och als Netmemberstaat aus där Region ka Member vun där multilateraler Bank ginn. Do sinn d'Verhandlungen amgaang, well mir musse vun aneren en Deel vum Kapital e bëssen ofgetruede kréien, fir dass mir kënnen do drakommen.

Selbstverständlech ass dat net eng Decisioun eleng vun der Regierung, mee et ass en fin de compte eng Decisioun vun der Lëtzebuurger Chamber, well natierlech do muss en Apport en capital gemaach ginn. Et ass, mengen ech, och eng Decisioun vun engem Lëtzebuurger Parlament, déi eng politesch Richtung ass. Net all Land an der Welt ass esou en faveur vun dem Multilateralismus a vun dem Bättriede vun engem Land zu enger Kapitalerhéijung oder zu Capacitéiten, fir dass déi multilateral Banke kënnen weider méi aktiv ginn, besonnesch an dësen Zäiten.

Den drëtte Punkt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass deen, dass mer selbstverständlech och de Rôle vu Lëtzebuerg ënnersträichen, fir weltwäit op alle Kontinenten, an alle Regione vun der Welt, ze ënnersträichen, dass mer deenen, deenen et net esou gutt geet wéi hei, an der Aarmut hëllefen, dass mer hëllefen am Klimawandel an dass mer och hëllefen, hir Wirtschaften, siefen et kleng Mikroentreprisen oder gréisser Entreprisen, ze entwéckelen.

De véierte Punkt, deen ech wéilt soen, onofhängeg vun dem Fait, dass méi ka geléint ginn, ouni dass déi multilateral Banken hiren Triple-A verléieren, ass de Punkt, dee gemaach gëtt um Niveau vun der Europäescher Investitiounsbank. An et ass vu verschiddene Riedner ënnerstrach ginn, dem Här Fayot an aneren, dass d'Europäesch Investitiounsbank, déi hire Sëtz hei um Kiierchbierg huet, e méi grouse Champ d'activité kann hunn. Mir ënnerstëtzen dat. Dat ass jo eng Fro, déi alt gestallt gëtt. Mir ënnerstëtzen dat als Lëtzebuurger Regierung.

Mir ënnerstëtzen och, dass d'BEI am militäresche Beräich um Niveau vun dem Effort de défense méi verstärkt kann agéieren, ouni dass se ka reng an der Waffenindustrie agéieren, well dat eng Diskussioun ass, déi mat hirem Triple-A da verbonne wier. Dat wëlle mer, an d'autant plus, wou souguer no dem Brexit déi zousätzlech Kapitalerhéijungen, déi néideg waren, iwwert d'Reserve vun der BEI kënnen ofgedeckt ginn, also ouni dass de Budget vun dem Lëtzebuurger Staat do kuerzfristeg da mat engagéiert wier.

Et ass also e wichtige Schrëtt an eng richteg Richtung, a mir wëllen um Niveau vun dëser Regierung – dat zielt souwuel fir de Finanzminister wéi fir den Ekonomiesminister wéi och fir de Minister, deen zoustänneg ass fir de Commerce extérieur – déi Efforten, déi a successive Regierungen gemaach goufen, fir Projeten ze maachen iwwert de Wee vun deene multilaterale Banken, weiderféieren. Mir wëllen dat weider héichhalen, fir

och eis Roll an där internationaler Staatgemeinschaft domadder héichzehalen.

Ech hätt nach 6 Minutten, Här President. Ech ginn dervun aus, dass dat zu Ärer Zefriddenheet ass.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci. Dat ass perfekt esou. Villmools merci der Regierung. Domat wäeren dann d'Diskussiounen ofgeschloss.

Da géinge mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8422 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8422³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8422 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat ass dat follgend: 58 Jo-Stëmme an 2 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Diane Adehm), Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Maurice Bauer), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen (par M. Gusty Graas), MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. André Bauler), Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Ben Polidori), Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Dan Biancalana), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. 8460 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement, en vue de la mise en œuvre du règlement (UE) 2024/886 du Parlement européen et du Conseil du 13 mars 2024 modifiant les règlements (UE) n° 260/2012 et (UE) 2021/1230 et les directives 98/26/CE et (UE) 2015/2366 en ce qui concerne les virements instantanés en euros

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8460, d'Ëmsetze

vun engem europäesche Reglement, dat d'Harmoniséierung vun den Iwwerweisungsreegelen an Euro festleet. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, d'selwecht wéi virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här André Bauler, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

Rapport de la Commission des Finances

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur | Jo, merci. Här President, Här Minister, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet, deen Iech ze presentéieren ech elo de Pleséier hunn, setzt en europäescht Reglement iwwer Echtzäitiwwerweisungen ëm.

Wourëms geet et? Den digitale Wandel ass, wéi Der wësst, net méi opzehalen, ganz besonnesch och am Finanzsektor. An d'Impakter op eis Gesellschaft, eis Gewunnechte sinn nawell net onbedeutend. Ëmmer méi Servicer sollen zu all Zäit disponibel sinn an duerfir mussen och d'Bezuelssystemer bei dëser Entwécklung mathalen. Eng Léisung dofir sinn déi sougenannten „Echtzäitiwwerweisungen“. Si solle 24 Stonnen op 24, 7 Deeg op 7, zu all Moment am Joer méiglechst schnell méiglech sinn.

Säit 2019 bidden eng Rei vu Lëtzebuurger Banken am Retailberäich op fräiwëlleger Basis elo schonn esou Echtzäitiwwerweisungen un. D'EU-Reglement 2024/886 encadréiert elo esou Instantpaymenter gesetzlech. An Zukunft ass et esou, dass all d'Banken, déi klassesch Virementen ubidden, déi normalerweis ee bis zwee Deeg Beaarbechtungszäitdauer hunn, sech awer musse verpflichten, dem Client, wann deen dat da wëllt, och Echtzäitiwwerweisungen ze erméiglechen.

Eng zweet Mesür vun dësem Projet de loi ass, dass d'Käschte fir esou en Instantpayment fir de Client net méi héich därefer si wéi fir en traditionelle Virement.

Des Weidere ginn nei Mechanismen agefouert, dee sougenannten „IBAN-Namecheck“ oder nach VOP, Verification of Payee, genannt. Dëse System gëtt obligatoresch fir d'Banken a si mussen doduerch Informatiounen vum Client, also deem, deen de Paiement mécht, mam méiglechen Numm vum Geldempfänger an deem senger Kontonummer ofgläichen. Dat soll Sécherheet a Schutz bréngen, virun allem fir deen, dee soll bezuelen. De Client gëtt innerhalb vu Sekonnen informéiert, ob et eng Iwwereneestëmmung tëschent dem Numm an der Kontonummer gëtt, a wann et keng Iwwereneestëmmung gëtt, ob et quasi eng Iwwereneestëmmung gëtt. An deem Fall deelt d'Bank dem Client dee richtegen Numm vum Beneficiaire mat der zougehéierender IBAN-Nummer mat. Zu gudder Lescht huet de Client awer nach ëmmer d'Wiel, ob hien de Virement wëllt autoriséieren oder net.

De Stéchdatum fir d'Banken, fir dës Upassungen ze maachen, ass den 9. Oktober vun dësem Joer. Mat dësem Gesetzesprojet gëtt dann och e Strofekatalog festgeluecht, falls sech d'Banken net un déi Virschreft géifen halen. Dorëmmer këmmert sech d'CSSF, déi hei fir zoustänneg ass.

Den zweete Volet vun dësem Gesetz bréngt zwou Neierunge fir verschidde Bezuelungsdéngschtleeschter mat sech. Hei sinn d'Établissements de paiement, d'Établissements de monnaie électronique viséiert an dofir sinn elo e puer punktuell Ännerungen am besteende Gesetzeskader néideg.

Éischtens kréien dës Entitéiten elo d'Méiglechkeet, Suen, déi se vun hire Clienten entgéinhuele fir

d'Exekutioun vu Paiementer, op engem Konto op enger Zentralbank ze deposéieren. Dëst ass néideg, fir hirer Obligatioun nozekommen, Fongen, déi se vu Clienten entgéinhuele, zu all Moment ze protegéieren.

Mat där zweeter Ännerung kréie verschidde Bezuelungsdéngschtleeschter direkten Accès op d'Bezuelssystemer. Dat ass déi Infrastruktur, déi d'Ofwécklung vun engem Paiement erméiglecht. Fir dësen direkten Accès ze kréien, mussen déi Bezuelungsdéngschtleeschter awer eng Rei vun zousätzlechen Informatiounen der Kontrollautoritéit, also an dësem Fall der CSSF, matdeelen.

An der Finanzkommissioun hu mir just den Avis vum Staatsrot ze kucke gehat, deen ausser e puer Observations d'ordre légistique näischt un de sechs Artiikelen, déi dësen Text ëmfaasst, ze beanstanden hat.

Voilà, esou vill zu dësem ganz kuerzen, awer gradesou wichtege Gesetzesprojet, wou d'Finanzkommissioun d'Chamber freet, och dësem Projet hir Zoustëmmung ze ginn. Ganz kuerz dinn ech dann och nach d'Kap vu menger Fraktioun un, fir och heimat den Accord ze bréngen. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Mosar, fir Äre schrëftlechen an Äre mëndleche Rapport.

Dann ass et um Här André Bauler.

Discussion générale

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Léif alleguer, wéi den Här Mosar et scho gesot huet, soll dëst Reglement de Virement instantané promovéieren a gläichzäiteg d'Reegelen op EU-Niveau harmoniséieren. All Prestataire vu Bezuelungssystemer ass vun elo un also verflucht, senge Clienten d'Optioun vum Virement instantané unzébieden, an dëst, ouni dass et méi kascht wéi eng normal Iwwerweisung.

An Zäiten, wou eis Welt ëmmer méi séier dréit a wou méi a méi Prozesser digitaliséiert, numeriséiert, ginn, do besteet d'Demande fir méi séier a méi effikass Bezuelungen. Dëst ass natierlech och d'Exigence vun enger wuessender Zuel u Privatpersounen respektiv Betriber.

Mee wann ee virdrun eng gewëssen Unzuel u Stonnen hat, fir sech beim Banquier ze melden, fir d'Transaktioun ze stoppen, falls e Feeler respektiv en Iertum opgetrueden ass, da sinn elo beim Virement instantané natierlech d'Suen direkt iwwerweisen, ergo si se direkt op deem anere Konto. An dësem Sënn begrësse mer d'Verpflichtung, de sougenannten „IBAN-Namecheck“ duerchzeféieren, wou eebe grad kontrolléiert gëtt, iwwerpréift gëtt, ob den Numm an den IBAN iwwereneestëmme, iert de Virement exekutéiert gëtt. Esou solle Feeler a Bedruch verhënnert ginn an dëst soll evidenterweis méi Sécherheet bréngen, fir méi Sécherheet suergen.

Mir begrëssen och de sougenannte „Screening“ vun de Sanktiounen, wéi schonn erkläert ginn ass, fir d'Paiementer méi sécher ze maachen an d'Terrorismusfinanzéierung wéi och de Blanchiment ze bekämpfen, jo, ze ënnerbannen.

Ech wëll mengem exzellente Frënd, dem Laurent Mosar, Merci soe fir all seng detailléiert Erklärungen. An ech géif dann och am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung ginn zu dësem Text, deen eeben den europäesche Bezuelungssystem moderniséiert, ouni d'Sécherheet ze vernoléisegen. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler. Elo huet den Här Franz Fayot d'Wuert. Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Merci, Här President. Jo, mir ginn och den Accord zu dësem Projet de loi. Et ass effektiv e gudder Projet de loi, well en effektiv eis Paiementssystemer un d'Zäit upasst. Eng Acceleratioun, instantanéiert Virementer, dat ass gudd. Och dass d'Iwwerweisungen dann direkt bei de Leit erakommen.

Natierlech kënnt mat enger gewësser Acceleratioun och e gewësse Risiko. An insbesonnesch wa Fraudë sinn, ass et ganz schwéier, dat ze rattrapéieren. An et kann ee sech hei am Fong net dervunner ofhalen, drun ze denken, dass, wann deen IBAN-Namecheck vläicht ee Joer éischter do gewiescht wär, eng ganz grouss Fraude bei enger karitativer Organisatioun, déi eis vill beschäftegt huet hei zu Lëtzebuerg, vläicht net geschitt wär. Wou eebe justement de Problem war, dass eng Iwwerprüfung vum IBAN par rapport zu dem Numm vun de Beneficiaire vläicht an där Form net geschitt ass. Dat ass e bëssen eng Ironie du sort. Mee ech mengen, et ass gudd, dass mer dat dann elo hunn an dass op alle Fall esou eng Fraude an där Form net méi méiglech wär.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Här Fred Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Ech ginn och den Accord vun der ADR-Fraktioun.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Madamm Sam Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Also, ech denken och, dass dat hei wierklech e wichtege Text ass, deen och am Alldag wäert deem engen oder aneren d'Liewe méi einfach maachen. Wie vun eis huet net schonn emol hesitéiert, wann en e Virement gemaach huet – onofhängeg vun deene Frauden, déi mer kennen, et ass gudd, dass mer dat elo wierklech alles richteg ass? Dofir ass dat heite ganz sécherlech eng positiv Saach. An ech ginn den Accord vun deene Gréngen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Och dat heite gesäit op den éischte Bléck erëm technesch komplizéiert aus. Et gëtt vill driwwer geschwat, mir haten dat virdru schonn, wéi et dann hannendru soll goen, wéi et fonctionéiere soll. Mee a Wierklechkeet ass dat heiten och erëm eppes, wat dann dës Kéier wierklech d'Liewe vun deene meeschte vun eis, net nëmmen heibannen, mee vu quasi jidderengem, deen zu Lëtzebuerg wunnt, schafft a leeft, wäert betreffen.

D'Echtzäitiwwerweisung, do kéint een elo mengen, do hätte mer elo eppes Neies erfondt a mir wäeren elo erëm First Mover. Mir wäeren esou en digitaal Lëtzebuerg a mir wäeren elo quasi europawäit déi éischt. Majo – de Finanzminister geet vläicht herno nach drop an –, mir sinn, mengen ech, hei net déi éischt, déi dat doten ëmsetzen. Et gëtt ganz vill Länner, wou déi Echtzäitiwwerweisung schonn eng ganz laang Geschicht hannert sech hunn a se och schonn eng ganz Zäitche genotzt ginn. Dofir ass et dréngend Zäit, dass mer dat heiten och an nationaalt Recht ëmsetzen a vun där Fräiwëllegkeet ewechkommen. Well och do gëtt et dann heefeg nach Problemer.

A glécklecherweis hu mer mëttlerweil schonn, dass d'Tariffer ugepasst sinn, dass een net méi däreft méi froe fir d'Echtzäitiwwerweisung wéi fir eng normal Iwwerweisung, wou d'Banken déi lescht Joren och profitéiert hunn, well mer dat heiten nach net

ëmgesat haten, fir awer nach aner Fraise kënnen ze facturéieren, wéi se hätte missen.

Da kënnt derbäi, an dat muss een och soen, déi Echtzäitiwwerweisung ... Jo, natierlech sinn d'Suen da fort, Här Bauler, wann Der se un dee Falschen iwwerweist. Dofir, ech ka mech awer net drun erënneren ... Also, IBAN-Nummeren hu schon esou Checkzommen dran. Wann een do eng falsch agëtt, da muss ee wirklech schonn eng komplett falsch aginn, fir datt se bei engem anere landen. An déi Warscheinlechkeet ass mathematesch gesinn awer relativ kleng.

Den Namecheck wäert eventuell och éischter nach fir méi Problemer kënne suergen, wann een driwwer nodenkt, wéi verschidde Leit – an dozou kéint ech mech dann och zielen – zum Beispill hir Stromrechnung oder hir Gemengentaxen iwwerweisen. Ech iwwerweise jo ... Wann een d'Gemengentax iwwerweist, kritt een eng Rechnung, do steet dann „Administration communale de“ drop. Wie vun eis huet da seng Gemengeverwaltung oder d'Recette vu senger Gemengeverwaltung als „Administration communale de“ vu senger Wunnsëtzgemeng am Webbanking agespäichert? Déi meescht hunn dann einfach „Gemeng“ do stoen oder „Gemeng“ an d'Uertschaft. Also, ech mengen, datt dat vläicht nach e bëssen eng Gewunnechtssaach gëtt fir déi eng oder déi aner.

An da vu Saache wéi ...

(Interruption par M. Michel Wolter)

Also, ech hu meng net esou agespäichert, Här Wolter.

(Interruptions et hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Sou.

(Coups de cloche de la présidence)

M. Sven Clement (Piraten) | En plus géif et komesch ausgesinn, wann ech elo géif meng Gemengentaxen op Käerjeng iwwerweisen. Dat wär och e Problem!

(Interruptions et hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Bon, ech kommen zrëck zum Thema. Also, ech sot et, et ass hei änlech wéi bei der PSD2-Direktiv, wou mer net First Mover sinn a wou et awer ëmsou méi wichteg ass, well et en Impakt dorop huet, wéi d'Leit dobaussen d'Finanzplaz wouerhuelen. Dat heiten ass eppes, dat am Retail gräift a wou d'Leit mierken, firwat d'Banken u sech hinne kënnen hëllefen. An dofir ass et esou wichteg, datt mer dat heiten elo stëmmen. Dofir wäerte mer et och matstëmmen.

An ech hunn dat elo e bësse méi witzeg duergestallt, mee ech mengen net, datt deen Namecheck hei iergendeng Fraude verhënnert hätt. Well e bleift ëmmer nach fakultativ fir de Client. Wann en en einfach ewecklickt, dann ass et awer geschitt, da sinn d'Suen awer fort. Vun dohier: Een, dee fraudéiere wëllt, dee wäert warscheinlech nach ëmmer kënne fraudéieren. Do brauche mer dann eng staark Police. Mee dat ass net Objet vun dësem Gesetz.

Mir ginn eisen Accord. Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, mir ginn och eisen Accord zu dësem Projet de loi. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Domat wär d'Lëscht vun eise Riedner ofgeschloss.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Ech soen der Chamber och dës Kéier Merci

fir déi breet Zoustëmmung an och dem Rapporteur, well en eppes Komplizéiert awer einfach erkläert huet. En huet och ënnerstrach, dass et eng Neierung fir d'Bierger ass. An et ass och eng Neierung fir d'Betribler.

Richteg ass och, wat gesot gouf, dass dat hei eigentlech op fakultativer Basis schonns besteet, dat heescht, Virementen an Echtzäit ze maachen. A jidder fënneften elektronesch Virement, deen an Europa gemaach gëtt zu dësem Moment, ass onofhängeg vun dëser Reglementéierung schonns an Echtzäit.

Déi Fro, déi gestallt gouf: Déi wéivillt si mer dann elo bei der Ëmsetzung? Also, ëmgesat gi missen huet dës Reglementéierung, fir dass se operationell gëtt – dat ass eng Reglementéierung –, bis den 8. Abrëll. A mir sinn de véierten europäesche Memberstaat, deen dës Gesetzgebung ëmsetzt. An zwar hunn dat virun eis gemaach: d'Slowakei, Lettland an Irland. Mee Dir gesitt, dass déi awer alleguete schonns an dem elektronesch Paieement aktiv sinn.

Da frot Der: Wéi vill Banken zu Lëtzebuerg hunn dann dat schonn op fakultativer Basis? 47 vu 57. An ech krut och vum Generaldirekter vun der Post virgëschter assuréiert, dass pünktlech, wann dat hei a Kraaft trëtt – dat applizéiert sech nämlech ab dem Oktober – och déi Lëtzeburger Post operationell wier, fir déi Instantané-Paieementer ze maachen.

Den Namecheck, jo, dat ass eng zousätzlech Kontroll. Ob een all Bedruch – den Här Clement ass dorobber agaangen – domadder evitéiert, dat weess ech net. Jiddefalls ass et esou, dass, wann e Bedruch do ass oder wann e Verdacht ass, da vun deenen zousätzlechen Établissements de paiement mussen Meldunge gemaach ginn un d'CRF gradewéi och un eis CSSF.

Dat, wat e wichtige Punkt ass, dat ass, wat ass, wann ech elo, ech soe mol, e Virement par erreur maachen. Well da sinn d'Sue fort a se sinn elo nach méi séier fort wéi virdrun. Ech hu bei eise Servicer nogefrot, wéi déi aktuell Reglementéierung do ass. Wann ech also feststellen als Client vun enger Bank, dass ech e Virement falsch gemaach hunn, da muss ech natierlech esou séier wéi méiglech menger Bank dat matdeelen.

Déi huet eng Obligation de moyens, net eng Obligation de résultat, dat a Beweegung ze setzen, fir déi Sue kënnen ze recuperéieren. Dat heescht, si geet dann a Kontakt mat där Bank, wouhin d'Suen iwwerwise goufen. Mee – mee! – déi Bank, wouhin d'Suen iwwerwise goufen, kann den Endbeneficiaire net zwéngen, déi Suen zrëckzeginn. Dat heescht, si kann net aus Eegeninitiative déi Suen, déi iertümlecherweis dann un den Endbeneficiaire gaange sinn, erëm op de Kont vun der Bank an domadder erëm zrëckiwwe weisen.

Dat Eenzegt, wat déi Bank kann a muss maachen, dat ass, dass all déi Dokumenter geliiwert ginn, fir dass deejéinegen, deen de falsche Virement gemaach huet, gegeebeenefalls dann iwwert d'Gerichter – et si vill Juristen heibannen – iwwer eng Répétition de l'indu – dat ass den Artikel 1235 aus dem Code civil – dann eng Aktioun ka maachen. Dat ass natierlech käschtenintensiv. An Dir wësst och alleguerten, dass dat net vun haut op muer ass.

Also, dat ass e Risiko, deen natierlech mat engem Virement instantané, deen, wéi gesot, direkt an net méi bannent 24 Stonnen eréischt muss exekutéiert ginn, en zousätzlechen Impakt huet.

Dann ass nach eppes, wat mentionéiert gouf vum Rapporteur, dat sinn déi sougenannte Bezueléngschter-servicer. Dat ass net eng technesch Operatioun. Déi kënnen an Zukunft hir Bezueléngschter iwwert de

Mechanismus vun der Europäescher Zentralbank ofwëckelen.

Ech wëll just drun erënneren: Déi Bezueléngschter, dat geet iwwer eBay, dat kennt Der, iwwer Amazon, dat geet iwwer PingPong, iwwer Lianlian, dat sinn alles grouss Bezueléngschter, déi hir europäesch Zentral hei zu Lëtzebuerg hunn. Déi hu jiddwereen eenzel zum groussen Deel e puer Honnert Milliounen, Eenzelner souguer iwwer eng Milliard Clienten, an déi hu Lizenzen hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn der mëttlerweil scho 35. Firwat? Well se Lëtzebuerg e gudden Standort fannen, fir déi Dëngschtleeschungen an der Europäescher Unioun ofzeweckelen.

Dat bréngt zousätzlech Leit, dat bréngt och zousätzlech Steuerrecetten. An den Avantage, weinst deem der esou vill hei sinn a firwat se grad op Lëtzebuerg kommen, fir hir europäesch Servicer ofzeweckelen, dat ass, well mer eng extreem professionell Finanzplaz hunn a well och eis Bankenopsicht ganz pragmatesch opgestallt ass a praktesch e ganz Departement huet fir esou Demandé vu Lizenze vu Paieementsdëngschter, fir déi hei kënne relativ séier an engem professionelle Kader ofzeweckelen.

Dat gesot, mengen ech, sinn ech op de Gros vun de Froen agaangen. Also nach eng Kéier, dat hei gesäit wirklech, Här President, wéi en technesch Gesetz aus. Et ass eppes, wat d'Bierger an d'Betribler am Alldag concernéiert.

Elo ass nach eng leschte Fro, dat ass déi: Wéi ass et mat de Käschten? Bon, richteg ass, wéi et souwuel vun dem Rapporteur wéi och vun eenzelnen Deputéierte mentionéiert gouf: D'Käschte vun engem Virement instantané, dat heescht, deen direkt an Echtzäit gemaach gëtt, dierfen net méi héich si wéi fir en normale Virement. Allerdéngs, déi kommerziell Approche vun där jeeweileger Bank, déi ass domat net touchéiert. Dat heescht, déi Fraisen, déi d'Bank insgesamt fir d'Gestioun vun engem Kont huet, wat Der dann normalerweis reegelméisseg zougestallt kritt a wat dann ënner anere Deel vun der Applikatioun vun de Condition-généralen ass, dat ass domat net beréiert. Déi eenzeg Virgab ass déi: E Virement an Echtzäit dierf net méi kaschte wéi en normale Virement!

Dat gesot, Här President, soen ech nach eng Kéier Merci fir déi breet Zoustëmmung. An dat ass e weidere Atout, dass mer och um Niveau vun deenen Elementer, déi mer brauchen op der Finanzplaz, kënne schnell reagéieren. An duerfir soen ech der Chamber ausdrécklech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat si mer dann um Schluss vun dëser Diskussioun ukomm.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8460. Den Text steet am Document parlementaire 8460².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8460 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Georges Engel), Liz Braz, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claire Delcourt), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

6. 8470 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

2^o de la loi modifiée du 22 mai 2024 portant introduction d'un paquet de mesures en vue de la relance du marché du logement

Da komme mer zum nächste Punkt vun haut de Mëten, dem Projet de loi 8470 iwwert d'Verlängerung ëm weider sechs Méint vun enger Rei Mesüeren, déi de Logementssektor solle redynamiséieren. D'Riezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Här President, Dir Damm an Dir Hären, dese Gesetzesprojet verlängert d'steuerlech Moosnamen aus dem éischte Paquet Logement, dee mir d'lescht Joer gestëmmt hunn, ëm ganzer sechs Méint, also bis den 30. Juni 2025.

Konkreet handelt et sech ëm folgend Moosnamen:

Éischstens, de Crédit d'impôt Bëllegen Akt. Wann een eng Immobilie keeft, fir selwer dran ze wunnen, huet een e sougenannte „Crédit d'impôt“ op den Enregistrementskäschten zegutt. Dese Crédit d'impôt ass am Vollekmond besser bekannt als de Bëllegen Akt. Normalerweis geet de Bëllegen Akt bis zu engem Betrag vun 30.000 Euro. Dese Plaffong vun 30.000 Euro hu mir mam Gesetz vum 22. Mee 2024 op 40.000 Euro ugehewe gehat bis den 31. Dezember 2024. Mat deem Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut diskutéieren, bleift de Crédit d'impôt Bëllegen Akt bei 40.000 Euro bis den 30. Juni vun deem Joer. Nom 30. Juni, also ab dem 1. Juli 2025, fält en erëm zréck op 30.000 Euro. Den Akt beim Nottär muss also spéitstens den 30. Juni gemaach sinn.

Zweetens, de Crédit d'impôt location. Dat ass de Crédit d'impôt op den Enregistrementskäschte fir Investisseuren, an dat an Héicht vun 20.000 Euro

pro Persoun. Ech erlabe mer, hei nach eng Kéier un d'Konditiounen ze erënneren, déi mussen erfüllt sinn, fir heivunner ze profitéieren.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Et muss sech ëm eng Vente en l'état futur d'achèvement handelen, also eng sougenannte VEFA. Den Akt beim Nottär muss spéitstens den 30. Juni 2025 gemaach ginn. D'Immobilie muss während mindestens zwee Joer verlount ginn. An de Locataire muss spéitstens véier Joer nom Datum vum Akt beim Nottär an der Immobilie wunnen.

Drittens, d'Besteuerung vun der Plus-value aus dem Verkauf vun enger Immobilie mam Quart vum Taux global. Wann een normalerweis eng Immobilie verkeeft, vun där ee méi wéi fénnef Joer Propriétaire ass, da bezitt een nom Benefiss aus deem Verkauf e Steuerbetrag, deem d'Hallschent vun engem sengem globale Steiertax ass. Dëst ass den duerchschnëttleche Steiersaz, deem een op all senger Revenue bezitt. Wann ee bis den 30. Juni 2025 eng Immobilie verkeeft, gëtt dese Steuerbetrag, deem een um Benefiss vum Verkauf bezitt, op ee Véierel vun engem sengem duerchschnëttleche Steiersaz erofgesat. Ausserdeem geet et duer, wann een nëmmen zwee Joer Propriétaire vun deser Immobilie ass.

Véiertens, d'Erëmaféiere vun der steuerlecher Neutralitéit vun de Plus-valuen op Immobilien. Wann ee bis den 30. Juni 2025 en Immeuble verkeeft, da kann een d'Plus-value op deem Verkauf steuerlech neutraliséieren ënnert der Konditioun, dass des Plus-value entweeder op eng Immobilie transferéiert gëtt, déi ënnert dem Regimm vun der Gestion locative sociale verlount gëtt, oder dass déi d'Immobilie A+-klasséiert gëtt, wat d'Energieperformance, d'thermesch Isolatioun an d'Émweltperformance ugeet. Dëst mussen nei gebaute Gebaier sinn an den Transfert vun der Plus-value muss bis spéitstens d'Steierjoer 2026 gemaach ginn.

Fënneftens, d'Eropsetze vum Taux a vun der Dauer vum Amortissement vu Mietwunnengen. Ab deem Joer, wou d'Immobilie fäerdeggestallt ass, an déi follgend sechs Joer kann den Investisseur vun zousätzleche 4 % Amortissement profitéieren. Des 4 % komme bei déi 2 % Amortissement derbäi, déi op all Immobilie kënnen geltend gemaach ginn. De gesamten Amortissement beleeft sech also op 6 % vum Wäert vun der Immobilie ouni den Terrain. Den Abatement, dee pro Joer geltend gemaach ka ginn, dierf net méi héich si wéi 250.000 Euro. Des Moosnam zielt fir all VEFA, also Vente en l'état futur d'achèvement, där hiren Akt bis den 30. Juni 2025 beim Nottär ënnerschrifwe gëtt.

Här President, an hirem Avis vum 27. Januar 2025 erkläert d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics sech generell averstan mat all Moosnam, déi de Leit et erlaabt, zu engem Eegenheem ze kommen. Si bedauert awer, dass grad bei deenen, déi et am néidegsten hunn, des Hëllef net ëmmer ukommen. Dobäi schwätzt si och vun de Primo-acquéreuren, also deene Leit, déi hir éischt Wunneng kafen, fir selwer dran ze wunnen. Des Leit profitéieren vum Eropsetze vum Bëllegen Akt vun 30.000 op 40.000 Euro.

D'Chambre des Métiers ass an hirem Avis vum 5. Februar 2025 och frou, dass d'Moosname verlängert ginn. Si weist nach emol drop hin, dass d'Fuerderung no enger VEFA mat enger Energieperformance vun der Klass A+ vill méi deier ass wéi wann et just eng A-Klass wier. Des Weidere bedauert si, dass just Privatpersounen vun dese Moosname profitéieren kënnen a keng moralesch Persounen.

D'Chambre de Commerce bedauert genee wéi d'Chambre des Métiers, dass just Privatpersounen

dese Moosname profitéieren kënnen. Si freet, dass de Plaffong vun de Scholdzënsen, déi kënnen steuerlech ofgesat ginn, eropgesat gëtt. Mee am Allgemenge begreift si d'Verlängerung vun de Moosnamen.

De Staatsrot huet sech a sengem Avis vum 25. Februar 2025 zimmlech kritischesch mam Gesetzesprojet auserneeget, wat d'Lafzäit dovunner ugeet. Hie weist op de Prinzip vum der Annualitéit vun de Steieren hin. Aus deem Grond recommandéiert hien, fir déi sechs Méint Verlängerung vun de Moosname just am Kader vum modifizéierte Gesetz vum 22. Mee 2024 virzegesinn an net an d'Steiergesetz anzuschreien.

Laut dem Finanzministère ass et awer méi lieserlech, alles direkt am Steiergesetz anzuschreien. An do-wéinst proposéiert hien, bei sengem Text ze bleiwen. Ausserdeem huet de Staatsrot och nach verschidde legistesche Remarque gemaach.

Här President, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport a soen Iech Merci fir d'No-lauschteren.

Discussion générale

Ech fueren elo virun als mandatéierte Spriecher vu menger Partei. Et gëtt vill diskutéiert, ob et sënnavoll ass, des steuerlech Mesüeren ëm sechs Méint ze verlängeren oder net.

Mee kucke mir einfach emol d'Zuelen, déi de Finanzminister eis an der zoustänneger Kommissioun matgedeelt huet. Am Joer 2021 goufe ronn 19.200 Akte mat enger Immobilienübertragung gemaach. Dovunner ware ronn 3.300 Akte fir VEFAen. Also d'VEFAen hunn ongeféier 17 % vun den Akten uitgemaach.

2022 waren et 16.000 Akten, also scho bal 3.000 manner wéi dat Joer virun. An dovunner waren 2.300 Akte fir VEFAen. Dat sinn nach 14 %.

Am Joer 2023 leie mir bei 11.250 Akten, wouvunner der just nach 814 fir VEFAe sinn. Dat entsprécht 7 % vun all den Akten.

Fir d'Joer 2024 sinn et 11.990 Akten an dovunner ronn 1.000 fir VEFAen. Dat sinn 9 %. Hei ass et awer interessant drop hinzeweisen, dass aleng am Mount Dezember 316 Akte gemaach gi si fir VEFAen, also bal een Drëttel vun all den Akte fir d'Joer 2024.

Am Januar vun deem Joer goufen am Ganzen 1.474 Akte gemaach, an dovunner waren der 76 fir VEFAen, also ronn 12 %.

Mir gesinn aus desen Zuelen, dass de Verkauf vun de VEFAen erëm esou lues unzitt, mee et geet nach lues virun a mir sinn nach laang net um Niveau vun 2021 ukomm.

Duerfir ass et an den Ae vun der CSV richtig a wichteg, dass mir des Steiermesüeren ëm sechs Méint verlängeren. Och wa mir nach keng definitiv Zuele vu Minister kritt hunn, wat den Déchet fiscal vun de Mesüeren aus dem éischte Paquet Logement vun 2024 ugeet, esou rechent d'Steierverwaltung dach awer mat 133 Milliounen fir dat Joer.

Ee Punkt, deem aus eiser Siicht och nach wichteg ass ervirzeträichen, sinn d'Mesüeren, déi de Primo-acquéreuren entgéintkommen, also deene Leit, déi hir éischt Immobilie kafen. Ech hat et schonn a mengem mëndleche Rapport gesot, mee ech weisen nach eng Kéier op de Crédit d'impôt Bëllegen Akt hin, fir Leit, déi selwer an d'Immobilie wunne ginn. Bis den 30. Juni vun deem Joer beleeft dese Crédit d'impôt sech nach op 40.000 Euro pro Persoun amplat vun 30.000. Dëst bedeit, dass eng Einzelpersoun, déi hir éischt Immobilie keeft, keng Aktskäschte bezitt bis zu engem Kafpräis vu 571.000 Euro. Fir eng Koppel verduebelt dese Kafpräis sech op 1.142.000 Euro.